**Annexe A.2.2.3.**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Commission consultative des programmes de l'enseignement musical**

# Programme d'études
# Diction luxembourgeoise

## Table des matières

**But et conditions d'admission** .......................................................... p. 2

**Division inférieure - 1er cycle** .......................................................... p. 3

**Division inférieure – 2e cycle** .......................................................... p. 3

**Division moyenne** .......................................................... p. 4

**Division moyenne spécialisée** .......................................................... p. 4

**Division supérieure** .......................................................... p. 4

## 1. But vun der Lëtzebuerger Dictioun

De But vum Dictiouns Cours ass, d'Fäegkeet ze schwätze vu Persounen, déi an hirem berufflechen oder privaten Alldag drop ugewise sinn, an dëst duerch speziell Techniken ze schoulen, ze verbesseren an ob engem héijen Niveau ze halen.

D'Definitioun vum But variéiert jee no Zilgrupp (z.B. Schauspiller – Spriecher – Journaliste – Enseignanteë Politiker etc., sou wéi all aner Persoun, déi aus perséinlechen oder beruffleche Grënn Interessi un dësem Unterrecht huet).

### 1.1. Aufgabeberäich

Déi mënschlech Stëmm kann normalerweis 3 Stonnen um Stéck agesat ginn. Et ass wichteg, datt si, dat wat si ausdrécke soll, och u seng Nolauschterer dréit. Duerfir kann nëmmen eng richteg agesaten Otemtechnik
enger Stëmm déi néideg Kraaft bis an de Schluss vun all Saz ginn.

### 2.2. Ziler vun der Dictioun

Et muss dru geschafft ginn, de Sënn vum Text ze verstoen an dëse weider ze interpretéieren. Dobäi soll den Enseignant och individuell, no den eenzelen Besoine vu senge Schüler schaffen; z. B. ass eng Interpretatiounsaart bei engem Schauspiller méi wichteg, wéi eventuell bei Aneren. D'Betounung huet eng ganz grouss Bedeitung, besonnesch bei Leit, déi an de Medie schaffen, awer natierlech och den Schauspiller oder allen anere Schüler.

Literaresch Texter sollen analyséiert ginn. Wichteg ass et d'Schüler um Liesen unzehalen.

Well d'Schüler am Normalfall tëschent 15 an 22 Joer hunn, sichen si dacks eng beruflech Orientéierung am Conservatoire oder an der Museksschoul, wou den Enseignant hinnen mat Rot bäistoe kann, si eventuell esouguer (wann de Wonsch besteet) mat an e Büneberuff kucken hëlt.

## 2. Konditiounen fir sech am Cours anzeschreiwen

### 2.1. Viraussetzungen

- Gesond Stëmm- a Spriechfunktiounen
- Gutt Gehéier
- Kenntnis vun der Sprooch
- Verständlech Aussprooch
- Fléissend liese kënnen
- Fäegkeet d'Ausdrocksméiglechkeete weider ze entwéckelen
- Intressi un der Literatur

### 2.2. Bedingungen

- Mindestalter: 14 Joer
- Obnamtest duerch d'Schoul (test d'admission)

## Examen pour l’obtention du diplôme du premier cycle

**Épreuve technique à huis clos :**
Programm vun enger Dauer tëschent 4 a 6 Minutten, deen aus op d’mannst 2 Texter, vum Enseignant erausgesicht, vun ënnerschiddlecher Aart an ënnerschiddlechem Charakter besteet.
De Programm ass auswenneg virzedroen.

**Épreuve publique :**
Programm vun enger Dauer tëschent 6 an 10 Minutten, deen aus op d’mannst 3 Texter, vum Enseignant erausgesicht, besteet a wouvunner :

- 1 Prosatext
- 1 Gedicht
- 1 Text zur Auswiel

muss dobäi sinn.
De Programm ass auswenneg virzedroen

## Examen pour l’obtention du diplôme du deuxième cycle

**Épreuve technique à huis clos :**

- Programm vun enger Dauer tëschent 6 an 8 Minutte vun op d’mannst 2 Texter vun ënnerschiddlecher Aart an ënnerschiddlechem Charakter (Prosa, Ballade, Gedicht), vum Enseignant erausgesicht.
  De Programm ass auswenneg virzedroen.
- Virliese vun engem Extrait aus engem Text:
  De Jury vum Exame bestëmmt en Extrait (Dauer: 2 bis 3 Minutten) aus engem längere Prosatext (z.B. 20 Säiten aus engem Roman), deen de Schüler 2 Wochen virum Examen duerch d’Direktioun ausgehännegt gëtt. Den Text gëtt ouni Virbereedung virgedroen.

**Épreuve publique :**
Programm vun enger Gesamtdauer tëschent 10 an 12 Minutten, dee folgender Moossen zesumme gesat ass:

- Vergléichsaarbecht fir d‘eegestännegt Schaffen vun engem Schüler ze férderen : selbststänneg a perséinlech Aarbecht (ouni Ënnerstëtzung vum Enseignant) un engem virgeschriwwene Gedicht, dat de Schüler 6 Woche virum Examen duerch d’Direktioun ausgehännegt kritt.
- Fréi gewielte Programm wou ob d‘mannst 1 Gedicht a 1 Prosatext dra virkommen.

De Programm ass auswenneg virzedroen, de Prosatext kann och virgelies ginn.

## Examen pour l'obtention du diplôme du troisième cycle

**Épreuve technique à huis clos :**

- Programm vun enger Dauer tëschent 10 a 15 Minutten, vun op d'mannst 4 Texter vun ënnerschiddlecher Aart an ënnerschiddlechem Charakter (Prosa, Ballade, Gedicht), vum Enseignant erausgesicht.
  De Programm ass auswenneg virzedroen, de Prosatext kann och virgelies ginn.
- vum Blat liese vun engem Text (Primavista), deen de Schüler am Examen vum Jury virgeluecht kritt.

**Épreuve publique :**
Programm vun enger Dauer tëschent 15 an 20 Minutten, vun op d'mannst 5 Texter vun ënnerschiddlecher Aart an ënnerschiddlechem Charakter, vum Enseignant erausgesicht.
De Programm ass auswenneg virzedroen, de Prosatext kann och virgelies ginn.

## Examen pour l'obtention du diplôme du premier prix

**Épreuve technique à huis clos :**

- Programm vun enger Dauer tëschent 15 an 20 Minutten, vun op d'mannst 4 Texter vun ënnerschiddlecher Aart an ënnerschiddlechem Charakter (Prosa, Ballade, Gedicht), wouvunner op mannst 3 Texter vum Enseignant erausgesicht ginn, an 1 Text vum Schüler selwer erausgesicht a preparéiert gëtt.
  De Programm ass auswenneg virzedroen, de Prosatext kann och virgelies ginn.
- vum Blat liese vun engem Text (Primavista), deen de Schüler am Examen vum Jury virgeluecht kritt.

**Épreuve publique :**
Programm vun enger Dauer tëschent 25 an 35 Minutten, vun op d'mannst 6 Texter vun ënnerschiddlecher Aart an ënnerschiddlechem Charakter, wouvunner op mannst 5 Texter vum Enseignant erausgesicht ginn, an 1 Text vum Schüler selwer erausgesicht a preparéiert gëtt.
De Programm ass auswenneg virzedroen, de Prosatext kann och virgelies ginn.

## Examen pour l'obtention du diplôme supérieur

Beim Examensprogramm gëtt Wäert geluecht ob eng sënnvoll, kënschtleresch Konzeptioun a Presentatioun vum Programm.

**Épreuve d'admission :**
Programm vun enger Dauer tëschent 15 a 25 Minutten, vun op d'mannst 6 Texter vun ënnerschiddlecher Aart an ënnerschiddlechem Charakter (Prosa, Ballade, Gedicht) aus verschidden Epochen, vum Enseignant erausgesicht.
De Programm ass auswenneg virzedroen, de Prosatext kann och virgelies ginn.

**Examen :**
Programm vun enger Dauer tëschent 25 a 35 Minutte vun Texter vun ënnerschiddlecher Aart an ënnerschiddlechem Charakter aus verschiddenen Epochen, vum Enseignant erausgesicht.
De Programm ass auswenneg virzedroen, de Prosatext kann och virgelies ginn.